N° 4566
Reçue le 22.07.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

A
Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

Luxembourg, le 22 JUIL. 2021

**Objet : Question parlementaire n°4566 du 28 juin 2021 de Monsieur le Député Fred Keup concernant la fermeture de commissariats de police**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Sécurité intérieure,

Henri KOX

**Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 4566 vum 28. Juni 2021 vum honorabelen Députéierten Fred Keup**

**Ad1)**

Sou wéi an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n° 4403 schonns matgedeelt, geet d'Zesummeleeë vu Kommissariater weider, sou wéi dat vun der Chamber Mëtt Mee 2020 an engem Débat de consultation zur Policereform vun 2018 gutt geheescht gouf.

Dëst Fonctionnement erméiglecht et der Police och an éischter ländleche Géigende vu 7-21 Auer kënne present ze sinn an e gudde Service um Bierger ze leeschten, wat virun 2018 net sou méiglech war. Siten also, wou kee Polizist an Uniform méi schafft a wou och keen Accueil vum Bierger méi stattfënnt, ginn intern säitens der Police/dem Staat zu neien Zwecker affektéiert (z.Bsp. Logementer) respektiv ginn se de Gemengen oder de Proprietären zréckginn, wann de Contrat de bail bis ausleeft.

An dësem Joer si bis elo déi eidel Gebaier um Cents, zu Rammerech, zu Niederanven an zu Grousbous reaffektéiert ginn.

**Ad2)**

Sou wéi an der QP 4403 matgedeelt, ass en detailléierten Echéancier ofhängeg vun deene vir zitéierte Facteuren (neien Usage vum Gebai vum Staat, Oflafe vum Contrat de bail, etc.). Dowéinst ass et net méiglech ee genauen Zäitplang betreffend déi Nei-Benotzung vun deene Site ze ginn. D'Gespréicher mat de concernéierten Acteuren sinn am gaang, respektiv ergi sech am opportunen Moment.